



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6478 vum 13. Juli 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

Gëtt et méttlerweil eng konkret Léisung fir d'Situatioun op der Léier z'entschäerfen?

Et ass richtig, dass virun ongeféier 20 Joer op der Léier eng Etüd gemaach ginn ass, fir d'Ausfaart vum CR345 op d'N12 ze verleeën fir angeblech d'Visibilitéiten ze verbesseren.

Am Kader vun dëser Etüd huet sech awer rausgestallt, dass déi geplangten Ännerung d'Siicht a Richtung Westen éischer verschlechtert géif.

Vu dass op dëser Platz statistesch keng Accidenter enregistréiert gi sinn, an och keng aner Verbesserung méiglech ass, gouf dës Etüd net weider gefouert.

Op dëser vum honorabelen Deputéierte beschriwwener Plaz ass awer vun der Hierheck respektiv vun Groussbus kommend d'Beschëlderung am leschte Joer adaptéiert ginn, déi d'Automobilisten engersäits un déi maximal erlaabte Geschwindegkeet erënnert an anersäits op d'Gefor vun erausfuenderenden Autoen hiweist (allgemeng Gefor Beschëlderung A,21 completéiert duerch d'Zousaztafel "sortie de véhicules").

Wat d'Accidenter ubelaangt, sinn déi meescht (méi schwéier) ongeféier 500 Meter méi wäit wech a Richtung Groussbus geschitt. Sätdeem de Radar am Joer 2019 op dëser Plaz installéiert ginn ass, ginn et awer och hei keng weider Virfäll méi.

Et bleift ze bemierken, dass eventuell Kontrolle bei Verstéiss géint de Code de la Route op dëser Plaz, wéi zum Beispill d'Iwwerschreide vun der maximal erlaabter Geschwindegkeet op der Héicht vu der Kräizung fir op Dellen, een Deel vun de Missiounen vun der d'groussherzoglecher Police duerstellt.

Lëtzebuerg, den 12. August 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch